

## Rapport Referees' Commission – 28.12.2018

Uwiesend: Geib, Simonelli, Frieseisen, Keiffer, Weber, Weinzierl, Nesser  
Entschëllegt: Ney, Pascalichio, Frieden

1. Adoptioun vum Rapport Referees' Commissioun vum 13/11/2018
2. Bezuelen vun den „frais d'arbitrage“ duerch d'FLH:  
Et war decidéiert ginn, dass d' Arbitter ALL Mount solle bezuelt ginn. Et däerf net sinn, dass een Arbitter iwver 2 Méint waarde muss, ier hien/hat seng Sue kritt. RefCom freet, dass d' Rechnungen déi ausstinn DIREKT bezuelt ginn

Fir 2019 schécken d' Arbitter hier Rechnung nom leschte Mätsch vum Mount un FLH. Duerno soll FLH dës Rechnungen direkt, mee spéitstens bis de 15. vum Mount beglach hunn.

Fonctionnéiert dëst net, schléit RefCom fir, ab Playoff den allen System (Klibb bezuelen d' Arbitter direkt) nees anzeféieren.

Fir de Play-off (AXA-league) schléit RefCom och Folgendes fir:

- Champion – Rechnung un FLH
- Play-down – Arbitter ginn direkt vum Heemklubb bezuelt

3. RefCom ass erstaunt iwver verschidden Prozeduren an Uerteeler vum Tribunal federal a freet Erklärungen op folgend Froen:
  - Wien däerf, muss a soll op enger Sitzung deelhuelen (ausser President an 2 Riichter)?
  - Däerf e Rechtsbeistand matbruecht ginn (och fir Arbitter) ?
  - Wéi ass et mat de Retarden vum Tribunal, déi géint Statute ginn ?
  - Wéiwäit ginn Rapporte vun den Arbitter consideréiert ?
  - Wéi kann eng Beleidegung (Reegel 8.10a) als Revanchefoul (Reegel 8.9f) ausgeluecht ginn ?
  - Wéi kënne Rapporten vun den Arbitter, déi de Reegele an Observatioune vun den Arbitter entsprechen a wou Strofen am Strofkatlog festgeluecht sinn, vum Tribunal ëmgeännert ginn, fir dass eng méi kleng oder guer keng Strooft ausgeschwat gëtt.

Dëss Froen sin a Relatioun mam Uerteel vum däitsche Bundesgeriicht vum 24.08.2018 – c.f. annexe

4. Performance Reports Arbitres – Bis elo feelen nach ëmmer etlech Rapporte vun de Klibb (bal 40%). Anerer sinn aus diverse Grënn net ze gebrauchen.

Fir de Verrieder vun de Klibb een Abléck ze ginn, organiséiert RefCom eng Versammlung den 26.1.2019 um 11h00 zu Esch an der Hal. Déi 2 Verrieder vun de Klibb, déi sech bis elo gemellt hunn, si kontaktéiert ginn. De CA gëtt gefrot och 1-2 Verrieder ze schécken.

Sollt nach een anere Verrieder vun de Klibb Interessi hunn, soll en sech w.e.g. bei [arbitre@flh.lu](mailto:arbitre@flh.lu) mellen.

5. Betreuung Arbitter + Delegéiert Quali Euro 2022 – (10/01 – 14/01/2019)

Folgend Leit iwwerhuelen Betreuung:

- Donneschdes 10.01.2019 Keiffer F.
- Freides 11.01.2019 Rampin
- Samschdes 12.01.2019 Weber – Simonelli
- Sonndes 13.01.2019 Weinquin - Frieden
- Méindes 14.01.2019 No Récksprooch - Falls onbedéngt noutwendeg

6. Tests écrit + physique avant play-off (AXA-league)

- 19. Januar 2019 09h30 INS
- 26. Januar 2019 09h00 ESCH HALL 2

7. Tournoi INTERREG:

RefCom ass iwwerrascht dass Jugendkommissioun decidéiert huet C-Arbitter am Interreg anzesetzen, an net Jeunes Arbitres, wéi am lafende Championnat an och Interreg an Däitschland a Frankräich.

RefCom géif sech free, wann all Decisioun, déi den Arbitrage betrëfft, am Virfeld géif mat hinnen oofgeklärt ginn

Frais d'arbitrage par tournoi par arbitre (3 matches par tournoi à 2x15 minutes):  
RefCom schléit e Forfait fir: € 40.- plus frais de déplacement suivant tableau pro Arbitter a pro Turnéier.

Well op deenen Tornéier och vill jonk Arbitter agesat ginn, déi, ënner anerem, nach keen eegene Konto hunn, schléit RefCom fir, dass Arbitter DIREKT vum Klubb vum Organisator bezuelt ginn. Klibb sollen dann Rechnung op FLH schécken

An der nächster INTERREG Versammlung géif de Francis Keiffer gären als Verrieder vun der RefCom deelhuelen, fir all Froen déi den Arbitrage betreffen ze klären

8. Austausch mat Éisträicheschen Arbitter :

Eis Kollegen aus Éisträich sollten ënner anerem de Match Red-Boys géint Bierchem leeden. Dëse Match ass awer wéinst der Participatioun vu Bierchem am EHF-Challenge-Cup verluecht ginn.

RefCom freet dowéinst den CA fir sech mat de Klibb vu Péiteng an Esch a Verbindung ze setzen, fir ze kucken, ob eng Méiglechkeet besteet, de Match 29102072 (Péiteng-Esch) vu Samschdes den 09.Februar ob Freides den 08.Februar ze verleeën.

Dëst wier ënner anerem fir déi néideg Ausgaben ze decken.

9. Final 4: Den Helmut Wille ka leider dëst Joer net op Lëtzebuerg kommen. RefCom seet him awer nach eng Kéier Merci fir seng Hëllef.

Op Viirschlo vum Helmut ass den Felix Rätz kontaktéiert ginn, fir eis Arbitter während dem Final 4 ze forméieren an ze begleeden.

10. Austausch mam Rheinland: Am Januar gött gekuckt, wat a wéi wäit een Austausch an nächster Zäit méiglech ass (Weinzierl – Nesser)

11. Een Umeldungsformulaire fir Arbitter-Kandidaten ass an der Maach. De Patrick Simonelli kontaktéiert FLH an nächster Zäit fir de Formulaire op de Site ze setzen.

12. RefCom freet op eng Méiglechkeet besteet, dass d'Informatiounen déi Affären um Tribunal ugin (Rapport vun den Arbitter an Uerzteiler vum Tribunal) wéi och de Resumé vun de verhängt Strofen, un all Member vun der RefCom geschéckt ginn

13. RefCom wässt nach eng Kéier drobs hin, dass nach ëmmer eng Plaatz fir e Veräinsvertrieder frei ass.

14. Nächst Versammlung : 12/02/2019 – 18h15

### ANNEXE (zu Punkt 3):

#### Rehabilitatioun vun der Tatsachenentscheidung

Dës Affär hat am Däitschen Handball zu relativ vill Rummel gesuergt. D'Arbitter haten dem Ugrëffer eng 8.6 (rout + blo Kaart) ginn. Dem Ugrëffer säi Klubb ass doropshin an Appell gaangen an si kruten och an éischer Instanz virum Bundessportgericht Recht mat der Argumentatioun, dass et sech bei der Aktioun net em Vorsatz oder eng "besonders rücksichtslose Aktion" gehandelt hätt, mee halt em eng Aktioun wéi se oft am Handball virkënnt.

D'Arbitter waren awer béi hirer Argumentatioun bliwwen an haten d'Aktioun weiderhin als "besonders rücksichtslose, besonders gefährliche Aktion" bewäert, déi also eng 8.6(a an deem Fall) géing rechtfäerdeg. Di 2. Kummer vum Bundessportgerichtshof ass dunn opgrond vun Videoopnamen zu enger eegestänneger Bewäertung komm, a sot dass, entgéint vun der Tatsaachefeststellung vun den Arbitter, d'Viraussetzung fir eng 8.6 NET do wieren, an Disqualifikatioun vum Spiller gouf opgehuewen. D'Gericht hat och argumentéiert, dass eng Tatsaachefeststellung vun den Arbitter vum Gericht kéint ëmgewandelt ginn, wann dës (eventuell falsch) Tatsaachefeststellung weider Konsequenzen fir e Spiller och nach nom Spill géing hunn (wéi an deem Fall eng Spär).

Domat hat d'Sportsgericht an den Aen vun der HBL (Handballbundesliga GmbH) eng Boîte de Pandore opgemaach! Mat esou engem Uerteel kéint all Tatsachenentscheidung vun den Arbitter, zemools déi wou et Videomaterial géing ginn, a Fro gestallt ginn. Besonnesch wann dës Entscheidung och Konsequenzen nach nom Spill hätt (eng falsch 8.10c Decisioun an deene leschten 30s zum Beispill). D'HBL konnt dat net akzeptéieren an ass géint d'Uerteel vum Sportsgericht an Appell gaangen.

A leschter Instanz huet um 24.8.2018 d'Bundesgericht d'Uerteel vun der 2. Kummer vum Bundessportgericht opgehuewen an dat mat folgenden Aussoen:

- d'Bundessportgericht hätt d'Disqualifikatioun no 8.6a vum Spiller zu Onrecht opgehuewen
- d'Bundessportgericht huet "bei seiner Entscheidung den ihm vom Ordnungsgeber vorgegebenen Entscheidungsrahmen verkannt" (dat ass Beamtdäitsch fir ze soen "seng Kompetenzen iwwerschritt")

Domat ass Tatsachenfeststellung vun den Arbitter nees rehabilitéiert ginn an d'Bundesgericht seet esouguer dass eng Entscheidung, wann se regelkonform ass (also net richteg mee regelkonform, dat heescht z. Bsp. dass wann den Arbitter Marcher päift, och wann et kee war, déi Entscheidung zwar net onbedéngt richteg war, mee si war regelkonform!), nëtt vun engem Bundessportgericht opgrond eegener Feststellungen (zum Beispill mat Videomaterial) dierf opgehuewen ginn!

D'Uerteel ënnersträcht ganz kloer d'Kärausso dass "Entscheidungen der Schiedsrichter, die auf Grund ihrer Tatsachenfeststellungen getroffen wurden, sind unanfechtbar!"

Desweideren schreift d'Bundesgeriicht an senger Uerteelsbegrënnung:

"Bei einer von Schiedsrichtern während des Spiels ausgesprochenen Disqualifikation, - sei es mit, sei es ohne Bericht - handelt es sich um eine solche Entscheidung der Schiedsrichter, die aufgrund ihrer Tatsachenfeststellung - der Wahrnehmung eines bestimmten Geschehensablaufs - und ihrer Beurteilung - der Wertung des Festgestellten - getroffen wird.

In dem Fall geht der Ordnungsgeber im Interesse der Funktionsfähigkeit des Spielbetriebs davon aus, dass den Tatsachenfeststellungen und/oder Beurteilungen der Schiedsrichter zu folgen ist und deren Feststellungen und/oder Beurteilungen NICHT durch eigene abweichende der Rechtsinstanz ersetzt werden können."

(Quelle: Handballschiedsrichter, Ausgab 4. Quartal 2018, Artikel vum Jürgen Scharoff, IHF-Reegelexpert).

Dat heescht am Kloertext, dass e Sportgeriicht NET d'Recht huet eng Disqualifikatioun no 8.6 an eng 8.5 ëmzewandelen, oder esouguer opzehiewen, respektiv ee Non-Lieu auszeschwätzen.

Ganz dovunner ofgesinn, ass esou ee Virgoen laut Reegel 17.11 vum Reglement NET REEGELKONFORM. An d'IHF léisst bei dëser Reegel och keng oofweichend Reegelinterpretatioun vun kontinentalen oder nationale Federatiounen zou!